usage d'habitation, déi vum Här Ben Fayot deponéiert ginn ass an déi vum Här Franz Fayot iwwerholl gëtt, an ëm d'Proposition de loi 4979 géint de Mobbing, déi vum Lucien Lux deponéiert gouf a vun der Madame Taina Bofferding iwwerholl gëtt.

Dann ass d'Pétition publique N°329 iwwert d'Garantie vun der Selbststännegkeet vun de Studente vis-à-vis vun de Reforme bei de Studentebäihëllefen den 12. Mäerz vum Här Clement deponéiert ginn an ass de 27. Mäerz souwuel vun der Petitiounskommissioun wéi vun der Conférence des Présidents als recevabel erkläert ginn.

An ech wollt da schlussendlech op déi exzellent Aarbecht hiweisen, déi an deene leschte Wochen an alle Kommissioune geleescht ginn ass, zesumme mat de Membere vun der Regierung, fir d'Virstellung vum Regierungsprogramm e bësse méi detailléiert virzestellen. Doraus ass eng Compilatioun vu sämtlechen Aarbechten entstanen, déi all Deputéierten an der Regierung zur Verfügung gestallt gëtt. Wat eis et och erlaabt, d'Realiséierung vum Regierungsprogramm méi no ze suivéieren.

Communications du Président - Séance publique du 1er avril 2014

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi et le projet de règlement grand-ducal suivants ont été déposés à l'Administration parlementaire:

***6670** - Projet de loi concernant l'aide financière de l'État pour études supérieures modifiant la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu; et abrogeant la loi modifiée du 22 juin 2000 concernant l'aide financière de l'État pour études supérieures*

Dépôt: M. Claude Meisch, Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche, le 20.03.2014

***6671** - Projet de règlement grand-ducal relatif à la participation du Luxembourg à la mission civile de l'Union européenne de renforcement des forces de sécurité intérieures au Mali*

Dépôt: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 24.03.2014

***6672** - Projet de loi relatif à la mise en application du règlement (CE) n°1069/2009 du Parlement européen et du Conseil du 21 octobre 2009 établissant des règles sanitaires applicables aux sous-produits animaux et produits dérivés non destinés à la consommation humaine et abrogeant le règlement (CE) n°1774/2002 et du règlement (UE) n°142/2011 de la Commission du 25 février 2011 portant application du règlement (CE) n°1069/2009 du Parlement européen et du Conseil du 21 octobre 2009 établissant des règles sanitaires applicables aux sous-produits animaux et produits dérivés non destinés à la consommation humaine et portant application de la directive 97/78/CE du Conseil en ce qui concerne certains échantillons et articles exemptés des contrôles vétérinaires effectués aux frontières en vertu de cette directive et modifiant la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés*

Dépôt: M. Fernand Etgen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des Consommateurs, le 31.03.2014

***6673** - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l'immigration*

Dépôt: M. Jean Asselborn, Ministre de l'Immigration et de l'Asile, le 31.03.2014

3) Les propositions de loi et le projet de révision de la Constitution suivants ont été retirés du rôle des affaires:

***6553** - Proposition de loi visant à modifier 1. l'article 126 1. du texte coordonné de la loi électorale du 18 février 2003 et 2. l'article 10 de la loi du 21 décembre 2007 portant réglementation du financement des partis politiques*

Dépôt: M. Jacques-Yves Henckes, le 08.03.2013

***6020** - Proposition de loi modifiant la loi modifiée du 6 janvier 1996 sur la coopération au développement*

Dépôt: Mme Lydie Err, M. Marc Angel, le 25.03.2009

***5617** - Proposition de loi portant modification de la loi du 23 juin 1972 sur les emblèmes nationaux, telle qu'elle a été modifiée*

Dépôt: M. Michel Wolter, le 05.10.2006

***5304** - Proposition de loi portant réforme de l'autorité parentale et instaurant la permanence du couple parental*

Dépôt: M. Jacques-Yves Henckes, le 20.02.2004

***4947** - Proposition de loi tendant à élargir les conditions requises pour l'adoption aux personnes non mariées*

Dépôt: Mme Renée Wagener, le 07.05.2002

***4822** - Proposition de loi portant modification de la loi communale du 13 décembre 1988 visant à rendre obligatoire la réunion extraordinaire du corps électoral pour procéder au remplacement de tous les membres du conseil communal à la demande du corps communal*

Dépôt: M. Camille Gira, le 05.07.2001

***4808** - Proposition de loi sur le vote par Internet*

Dépôt: M. Alex Bodry, le 13.06.2001

***4734** - Proposition de loi portant institution d'un congé associatif*

Dépôt: M. Alex Bodry, le 06.12.2000

***4684** - Proposition de loi portant réglementation des pratiques de médecine non conventionnelle dans le domaine de l'art médical*

Dépôt: M. Jean Colombera, le 05.07.2000

***4633** - Proposition de loi portant introduction d'un congé de formation pour les élus locaux*

Dépôt: M. Jean-Pierre Klein, le 15.02.2000

***3896** - Projet de révision tendant à insérer un chapitre II nouveau dans la Constitution*

Dépôt: M. Georges Margue, le 24.03.1994

***3505** - Proposition de loi relative à la production, la propagation et l'utilisation de représentations pornographiques*

Dépôt: M. François Bausch, le 06.03.1991

***3442** - Proposition de loi portant modification de la loi du 15 mars 1983 sur les armes et munitions*

Dépôt: M. François Bausch, le 10.10.1990

***3278** - Proposition de loi relative à la limitation de la durée de la fonction des membres du Conseil d'État*

Dépôt: M. Alex Bodry, le 08.11.1988

***2416** - Proposition de loi ayant pour but de supprimer l'impôt sur la valeur locative de l'habitation occupée par le propriétaire*

Dépôt: M. Jacques Poos, le 19.06.1980

4) Conformément à l'article 66(2) les propositions de loi suivantes ont été reprises:

Mme Cécile Hemmen reprend en son nom la proposition de loi n°6611 relative à l'égalité salariale entre hommes et femmes, déposée par M. Lucien Lux.

M. Franz Fayot reprend en son nom la proposition de loi n°6280 modifiant la loi du 21 septembre 2006 sur le bail à usage d'habitation, déposée par M. Ben Fayot.

Mme Taina Bofferding reprend en son nom la proposition de loi n°4979 relative à la protection contre le harcèlement moral à l'occasion des relations de travail, déposée par M. Lucien Lux.

5) La pétition publique n°329 relative à la garantie d'indépendance des étudiants face à des réformes du système d'aide financière déposée par M. Sven Clement en date du 12 mars 2014 a été déclarée recevable en date du 27 mars 2014.

6) Un document contenant les procès-verbaux des réunions de commission au cours desquelles les membres du Gouvernement ont présenté le programme gouvernemental a été distribué.

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

4. Proposition de loi n°6665 relative à l'organisation d'un référendum national sur la participation du budget de l'État dans le financement d'une ligne de tramway à Luxembourg

Déclaration de recevabilité

Dann nach eng Kommunikatioun: An hirer Réunioun vum 27. Mäerz huet sech d'Presidentekonferenz fir d'Recevabilitéit vun der Proposition de loi 6665 iwwert d'Organisatioun vun engem Referendum iwwert de Finanzement vum Tram ausgeschwat. Déi Proposition de loi gouf den 12. Mäerz 2014 vum honorabele Roy Reding deponéiert.

Schléisst d'Chamber sech där Propositioun vun der Conférence des Présidents un?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

5. Ordre du jour

Ech brauch lech jo net am Detail eisen Ordre du jour virzestellen. Deen huet jiddweree vun lech virleien.

An ech wollt lech froen, ob der mat deem Ordre du jour, wéi Der e matgedeelt krut, d'accord sidd? Ass dat de Fall?

(Assentiment)

Da soen ech lech Merci.

Da géife mer zu eisem nächste Punkt iwwergoen.

6. Vérification des pouvoirs et assermentation de M. André Bauler

Duerch den Antrëtt vum Här Marc Hansen an d'Regierung musse mer wéinst der Incompatibilitéit vun deem Mandat mat engem Deputéiertemandat haut en neie Member an d'Chamber ophuelen.

Den Artikel 167 vum Wahlgesetz gesäit Folgendes vir: Déi Kandidaten, déi op jidder Lëscht no deene kommen, déi als gewielt proklaméiert goufen, sinn dozou opgeruff, d'Mandat vun deenen Deputéierte weiderzeféieren, dat duerch Démissioun, Stierffall oder aus iergendengem anere Grond fräi gouf.

An dësem Fall spillt och den Artikel 54(3) vun der Verfassung, dee virgesäit, datt den Deputéierten, deen an d'Regierung geruff gëtt, an domat säin Deputéiertemandat nidderleet, als éischte Suppléant op der Lëscht, op där hie gewielt gouf, ageschriwwe gëtt.

Den Artikel 9 vum Chambersreglement hält fest, datt de Chamberspresident fir d'Successioun vun deem vakanten Deputéiertemandat suergt, nodeems en de Statsminister doriwwer informéiert huet.

A mengem Bréif vum 28. Mäerz 2014 hunn ech mech un den Här André Bauler gewannt, deen, nodeems hie seng éierbar Démissioun vu sengem Posten als Statssekretär vum Grand-Duc accordéiert kritt huet, laut Artikel 54(3) vun eiser Verfassung, als éischte Suppléant op der Lëscht vun der Demokratescher Partei aus dem Wahlbezierk Norde steet.

A sengem Bréif vum 28. Mäerz 2014 huet den Här André Bauler mech doriwwer informéiert, datt hie bereet ass, d'Mandat vum Marc Hansen ze iwwerhuelen.

Am Artikel 3 Paragraphen 1, 4 a 5 vum Chambersreglement steet Folgendes:

«(1) La Chambre est juge de l'égibilité de ses membres et de la régularité de leur élection.

(4) En cas d'admission d'un membre suppléant, la vérification est faite par une commission de sept membres tirés au sort.

(5) La Chambre se prononce sur les conclusions de la commission, et le Président proclame députés ceux dont les pouvoirs ont été déclarés valides.»

Ech géif lech also bieden, zesummen déi Kommissioun ze constituéieren, wéi et am Artikel 3 Paragraph 4 virgesinn ass.

Tirage au sort des membres constituant la Commission de vérification

Mir lousen dann elo déi Kolleegen a Kolleeginnen aus, déi an der Kommissioun sollen hiert Amt iwwerhuelen.

Als Éischten hunn ech den Här Luc Frieden an der Hand,…

Plusieurs voix.- Ah!

M. le Président.- …duerno d'Madame Octavie Modert,…

Plusieurs voix.- Ah!

M. le Président.- …den Här Lies,…

(Brouhaha général)

…d'Madame Simone Beissel,…

Plusieurs voix.- Ah!

M. le Président.- …den Här Edy Mertens,…

Plusieurs voix.- Ah!

(Interruption)

M. le Président.- …den Här Reding…

(Hilarité et brouhaha général)

…an den Här Arendt.

Plusieurs voix.- Ah!

M. le Président.- Ech géif domat d'Kommissioun bieden, an de Sall 4-5 ze goen, fir d'Resultater vun de Wahle vum 20. Oktober 2013 ze préiwen, virun allem, wat den Här André Bauler betrëfft, an der Chamber doriwwer Rapport ze erstatten.

An domat ass eis ëffentlech Sëtzung kuerz ënnerbrach.

(La séance publique est suspendue à 14.45 heures.)

* * *

(La séance publique est reprise à 14.57 heures.)

An d'Wuert huet de President vun der Kommissioun, déi mer elo just zesummegestallt hunn, den honorabelen Här Luc Frieden. Här Frieden, Dir hutt d'Wuert.

M. Luc Frieden *(CSV)*.- Här President, déi Kommissioun, déi Dir virdrun duerch Lous zesummegesat hutt, huet sech aus folgenden Deputéierten zesummegesat: d'Madame Octavie Modert, den Här Marc Lies, d'Madame Simone Beissel, den Här Edy Mertens, den Här Roy Reding, den Här Guy Arendt an ech selwer. Den Här Arendt gouf an där Kommissiounssitzung zum Rapporteur ernannt an ech selwer sinn zum President vun där Kommissioun gewielt ginn.

Här President, ier ech lech biede géif, dem Rapporteur d'Wuert ze ginn, géif ech lech wëllen drop hiweisen, an eis alleguerten, datt mer eis d'Fro gestallt hunn a se och zum Deel beäntwert hunn, datt mer der Meenung sinn, datt déi Prozedur hei, esou wéi se am Artikel 118 vum Wahlgesetz an am Artikel 3 vum Reglement vun der Chamber virgesinn ass, sech an dësem prezise Fall net applizéiert, well de Kolleeg André Bauler, ier e Statssekretär an der Regierung ginn ass, schonn hei no de Wahle vum 20. Oktober assermentéiert ginn ass als Deputéierten, an ab deem Moment och eis Chamber d'Verifikatioun vun de Wahle gemaach huet, d'Regularitéit vun der Wahl gekuckt huet an zugläich deemools och d'Éligibilitéit vum Här Bauler gekuckt huet.

Duerfir sinn d'Kommissioun an ech als President der Meenung, datt wann esou eng Situatioun nach eng Kéier sollt antrieden, datt mer net nach eng Kéier mussen zweemol datselwecht vérifiéieren. Mä wat eng Kéier gemaach ass, kann een och zweemol maachen. Et schuet also näischt. An duerfir hu mer...

(Interruption)

Duerfir géif ech lech dann, trotz där Remarque, déi also fir d'Zukunft gëllt, bieden, dem Rapporteur, dem Här Guy Arendt d'Wuert ze ginn.

Merci.

M. le Président.- Merci dem President vun der Kommissioun. Merci och fir d'Suggestioun, déi mer selbstverständlech mat wäerten huelen. An domat huet d'Wuert den honorabele Rapporteur, den Här Guy Arendt.

Rapport de la Commission de vérification

M. Guy Arendt *(DP), rapporteur.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ënnert där Remarque also vum Kolleeg Luc Frieden, géif ech lech dann am Numm vun der Kommissioun ad hoc de Rapport virdroen.

Duerch Arrêté grand-ducal vum 28. Mäerz 2014 ass den Här Marc Hansen an d'Regierung komm. Duerch Arrêté grand-ducal vum 28. Mäerz 2014 huet den Här André Bauler seng éierbar Démissioun als Regierungsmember vum Grand-Duc accordéiert kritt. Laut Artikel 54(3) vun der Verfassung gëtt deen Deputéierten, deen an d'Regierung geruff gëtt an domat säin Deputéiertemandat nidderleet, als éischte Suppléant op där Lëscht, op där hie gewielt gouf, ageschriwwen. Deemno ass den Här André Bauler éischte Suppléant op der Lëscht vun der Demokratescher Partei am Wahlbezierk Norden.

Esou wéi den Artikel 167 vum Wahlgesetz et virgesäit, ginn déi Kandidaten, déi op jiddwer Lëscht no deene kommen, déi als gewielt proklaméiert goufen, dozou opgeruff, d'Mandat vun deenen Deputéierte weiderzeféieren, dat duerch Démissioun, Stierffall oder aus iergendengem anere Grond fräi gouf.

Dem Artikel 9 vum Chambersreglement no suergt de Chamberspresident fir d'Successioun vun deene vakanten Deputéiertemandater an informéiert de Statsminister dovunner.

A sengem Bréif vum 28. Mäerz 2014 huet de Chamberspresident sech un den Här André Bauler gewant, deen als éischte Suppléant op der Lëscht vun der Demokratescher Partei aus dem Wahlbezierk Norde steet. Deeselwechten Dag huet de Chamberspresident och de Premierminister doriwwer informéiert.

Am Artikel 118 vum Wahlgesetz, a méi speziell am Artikel 3 vum Chambersreglement ass virgesinn, ech zitéieren: «La Chambre des Députés juge de l'éligibilité de ses membres et de la régularité de leur élection.» Eis Kommissioun hat als Aufgab, déi néideg Verifikatioune virzehuelen.

D'Legislativwahle vum 20. Oktober 2013 sinn den 13. November 2013 vun der Chamber iwwerpréift a validéiert ginn. Aus de Procès-verbaux vun dëse Wahle geet ervir, datt den André Bauler, wunnhaft zu Ierpeldeng, effektiv